N°1931
Entrée le 11.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

Direction de la protection des
consommateurs

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Konsumenteschutz, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, a vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit op d'parlamentaresch Fro n° 1931 vum 12. Februar 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Zu Lëtzebuerg ass de sougenannten AI Act, dat heescht d'Règlement (UE) 2024/1689 vum 13. Juni 2024 iwwert d'Intelligence artificielle a punkto kënschtlecher Intelligenz elo schonns applikabel, wat verschidde Kapitelen ugeet. Dat ganzt Règlement wäert dann ab dem 2. August 2026 uwennbar sinn.

Aktuell kontrolléiert den ILNAS, am Kader vun der Maartiwwerwaachung, d'Konformitéit vun agebaute Systemer an den Autoen, sou wéi et am "Reglement (UE) 2018/858" virgesinn ass. Dës Kontrolle ginn duerch Stéchprouwe gemaach. D'Exigenze vun dësem EU-Règlement, déi den Autoshiersteller respektéiere muss an déi vun der Maachtiwwerwaachung kontrolléiert ginn, sinn onofhängeg ob eng KI am System integréiert ass oder net. D'Reglement (EU) 2018/858 gesäit keng speziell Obligatioun fir d'Hiersteller vir, de Konsument ze informéieren, ob eng KI an de Systemer agebaut ass, oder ob dës Systemer desaktivéiert kënne ginn.

Ab dem 2. August 2026 wäert dat sech mat der Aféierung vum AI Act änneren. Am Text steet net, datt de Konsument d'Recht huet, een Auto ouni KI-Technologie kënnen ze verlaangen. Allerdéngs muss den Autoshiersteller transparent uginn, wann eng KI benotzt gëtt. Falls eng KI an de Systemer integréiert ass, muss de Benotzer, nom Artikel 50 (1) vum AI Act, doriwwer informéiert ginn, falls dës KI direkt mat Mënschen interagéiert.

Wat méi spezifesch de Konsumenteschutz ugeet, ass et awer wichteg ze preziséieren, dass d'Thema vun der KI an de rezenten Negociatiounen op europäeschem Niveau opgegraff gëtt. Sou ass zum Beispill an der Propositon de directive, déi d'Direktiv vun 2013 iwwert d'Résolution extrajudiciaire des litiges de consommation reviséiert, virgesinn, dass d'Parteien um Enn vun enger Prozedur, déi mat sougenannten "moyens automatisés" realiséiert gouf, d'Recht kréien, dass eng physesch Persoun d'Resultat nokuckt.

Lëtzebuerg, den 11/03/2025.

D' Ministesch fir Konsumenteschutz

(s.) Martine Hansen